



Pressecommuniqué 10.7.2015

De Wielerwëllen muss respektéiert ginn! Och fir dat neit Nationalitéite-Gesetz!

Op enger Pressekonferenz den 10. Juli huet den Alex Bodry annoncéiert, dass d'Koalitioun nach virun der Summer-Paus e Gesetzprojet iwwer en neit Nationalitéite-Gesetz an d'Chamber brénge wëll.

D'Lëtzebuerger hu sech matt 80% géint d'Ausländerwahlrecht a fir de Wee iwwert d'Nationalitéit entscheet. De Referendum huet awer och gewisen dass d'Lëtzebuerger en groussen Wäert op hir Sprooch leeën.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi gemeinsam Sprooch vun alle Lëtzebuerger an duerfir essentiell fir eng voll Integratioun.

Mir wieren eis géint d'Versich, déi schonn niddreg Sproochkenntnisser an engem neien Gesetz ze reduzéieren.

De Wielerwëllen muss respektéiert ginn.

D'Initiativ *nee2015* – *Wee2050*